



SÉANCE 17

MERCREDI
24 AVRIL 2019

Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Henri Kox, Vice-Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
2. Hommage à la mémoire de Son Altesse Royale le Grand-Duc Jean
 - M. Fernand Etgen, Président - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
 - Suspension de la séance publique de 09.11 heures à 09.12 heures
3. Ordre du jour
 - M. Fernand Etgen, Président
4. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :
 - 1° le Code de la sécurité sociale ;
 - 2° le Code du travail ;
 - 3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;
 - 4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;
 - 5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;
 - 6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;
 - 7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » ;
 - 8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;
 - 9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

- 10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;
 - 11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes
- et
- 7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022
- Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler
5. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant [...] (suite)
- 7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)
- et
- Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR)
- Exposé relatif aux projets de loi 7450 et 7451 et présentation du Programme de stabilité et de croissance : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
- Présentation du Programme national de réforme : M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie
- Discussion générale : Mme Martine Hansen (dépôt de l'amendement 1)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Étienne Schneider et M. Félix Braz, Vice-Premiers Ministres ; M. Jean Asselborn, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Pierre Gramegna, M. Dan Kersch, M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen, Mme Carole Dieschbourg, M. Marc Hansen, M. Claude Turmes, Mme Paulette Lenert, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferdin et M. Lex Delles, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.02 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Fernand Etgen, Président.- Ech maa-chen d'Sitzung op.

2. Hommage à la mémoire de Son Altesse Royale le Grand-Duc Jean

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg trauert. Gëschter hu mir déi traureg Noriicht kritt, datt eise fréiere Statschef, de Grand-Duc Jean, am Alter vun 98 Joer fir ëmmer vun eis gaangen ass. Zesumme mat eise Groussherzog Henri a mat der ganzer groussherzoglecher Famill trauere mir ëm ee Mann, dee sech iwwer Jorzéngte fest an eiser aller Härze verankert hat.

Während deene 36 Joer, an deenen de Grand-Duc Jean d'Geschécker vun eise Land geleet huet, huet Hien dat mat enger grousser, natierlecher Härzlechkeet an enger absoluter Dignitéit gemaach. National wéi international war Hien als Statschef an als Mënsch allsäits respektéiert a beléift.

An deenen donkele Momenter vun eiser Geschicht, wou et dem Land schlecht gaangen ass, wou Krich, mënschlecht Leed an Zerstörung zum Alldag gehéiert hunn, huet den deemolegen Ierfgroussherzog, de Prënz Jean, Seng Verantwortungen geholl. Mat Senger Mamm, der Groussherzogin Charlotte, a Sengem Papp, dem Prënz Félix, huet Hien de Wee an den Exil ugetrueden.

En huet zu där Zäit Seng militäresch Ausbildung an England gemaach an duerno an den alliéierte Sträitkräfte bis zum Schluss vun den Auseinandersetzungen op europäeschem Buedem gedéngt. Hie war ee vun eise Jongen, déi fir eis Fräiheet gekämpft hunn. Nom Krich steet Hie Senger Mamm an der Phas vum nationalen Opbau a vun der internationaler Vernetzung vun eise Land zur Säit a bereet sech mat vill Engagement op Seng zukünftige Aufgab vir.

Spéider huet Hien, mat der Ënnerstëtzung vun der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, Säin Deel derzou bäigedroen, datt dat wäertvollt Fundament, dat ënnert dem Règne vu Senger Mamm geluecht gouf, zum Wuel vum Lëtzebuerger Vollek weider ausgebaut konnt ginn.

Mir soen Him als Chamber nodréiglech nach eng kéier ee grouse Merci fir Säi prononciéiert Verantwortungsgéfill a fir Säi feinfülegte Geschéck, mat deem Hie Senger Roll als Statschef gerecht ginn ass.

Säi ganz Liewe war de Grand-Duc Jean awer och e wëssbegierigen an extrem angeneeme

Mënsch. Jiddereen, deen eemol d'Geleëenheet, d'Gléck hat, mat Him zesummenzekommen, konnt Zeie si vu Senger Oppenheet, Sengem Interessi fir d'Belaanger vun eise Land a senge Leit, konnt Zeie si vu Sengem léiwen, duussen an angeneeme Charakter. Vun Him goung ëmmer eng mënschlech Wäermt aus, an doduerch huet Hie Sengem Vis-à-vis ëmmer d'Gefill vu Wuelfille vermittelt.

Och wa mir eise fréiere Statschef an enger extraer Zeremonie freides, den 3. Mee gedenke wäerten, wëll ech awer elo schonn am Nimm vun der ganzer Chamber dem Groussherzog Henri, der Groussherzogin Maria Teresa, dem Groussherzog Seng Schwëstereen a Bridder an där ganzer groussherzoglecher Famill vun dëser Plaz aus eist déifste Matgefill ausdrécken. Si kënnen gewëss sinn, datt mir Hir déif Trauer deelen, datt mir an dëse schwéiere Momenter mat Hinne fillen an a Gedanke fest bei Hinne sinn.

Ech géif elo eise Premierminister, dem Här Xavier Bettel, d'Wuert ginn.

► M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e schwéiere Moment fir eis alleguerten. Déi traureg Noriicht iwwert den Doud vun onsem Grand-Duc Jean huet eis gëschter schockéiert. Si huet eis aus dem Alldag gerappt a mir trauere mat der groussherzoglecher Famill, mam Grand-Duc Henri, mat der Grande-Duchesse Maria Teresa, de Kanner, Enkel- an Urenkelkanner a mat all deene ville Mënschen, déi eise fréiere Statschef no a wichteg waren.

De Grand-Duc Jean war en aussergewöhnleche Mënsch mat Sengem Sënn fir Verantwortung, fir Integritéit vis-à-vis vun onsem Land a senger Geschicht. Eng Geschicht, déi Hien op eng exzeptionell Aart a Weis matgeprägt huet.

D'Reaktiounen, déi mer déi lescht Stonnen héieren hunn, hunn eppes kloer ënnerstrach: De Grand-Duc Jean ass de Leit hei zu Lëtzebuerg immens no, ganz wichteg. Mir trauern ëm eng Persoun, zu där d'Leit eropgekuckt an un där se sech och orientéiert hunn. E Statschef, deen duerch Seng Mënschlechkeet, awer och duerch Säi Geschéck un der Spëtzt vum Land opgefall ass an un dee mer eis gären erënneren.

Mir sollen Hien an Eieren halen a Säin Engagement weiderféieren. En Engagement fir d'Fräiheet, fir d'Onofhängegkeet a fir d'Wäerter vun Toleranz, vu Respekt, vu Solidaritéit mat eise Matmënschen, en Engagement fir d'Natur, fir eis Ëmwelt a fir d'Zukunft vun de Generatiounen, déi no eis kommen.

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci villmools, Här Premierminister. Ech géif lech elo bieden, als Zeeche vun eiser Verëierung an an Erënnerung un eisen allsäits beléifte Grand-Duc Jean opzestoen a Senger ze gedenken.

(Respect d'une minute de silence)

Ech soen lech Merci.

Als Zeeche vun eiser Trauer an aus Respekt virun deem Verstuerwene géif ech d'Sitzung e puer Minutten ënnerbriechen. Ech géif lech awer bieden, op Äre Plaze sëtzen ze bleiwen. Merci.

(La séance publique est suspendue à 09.11 heures.)

(La séance publique est reprise à 09.12 heures.)

3. Ordre du jour

D'Sitzung geet erëm weider.

Den ofgeännerten Ordre du jour, wéi d'Präsidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes

et

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022

Mir kommen elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 7450 vum Statsbudget fir d'Joer 2019 an iwwert de Projet de loi 7451 iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2018 bis 2022. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► M. André Bauler (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an den Ae vu ville Leit ass de Statsbudget bal esou eppes wéi e Buch mat siwe Sigelen, eppes Komplexes, dat net ëmmer op den éischte Bléck einfach ze verstoen ass, kuerz gesot: eng dréche Matière.

E Spréchwuert seet, datt een heiansdo vu lauter Beem de Bësch net méi gesäit. Beim Budget ass et äänlech. Am Dschungel vun den Zuelen ass dat Wesentlechte dacks nëmme schwéier erkennbar. Et ass duerfir d'Aufgab vum Rapporteur, dëst méi kloer a grëffeg ze maachen. Et ass seng Aarbecht, dat Wichtigste erauszestilléieren, en Iwwerbléck ze verschaffen, de Bléck op an iwwert den Horizont net ze verléieren, fir ze weisen, wou mer stinn a wat fir Akzenter am Déngscht vun de Bierger gesat solle ginn.

All Joer stelle sech op en Neits eng Rei Froen: Wéi gutt geet et dem Land eigentlech? Maa-che mer wierklech eng Politik fir d'Wuel vun de Leit? Stelle mer eis den Erausforderunge vun dëser Zäit? Wou laueren Risiken? A wou gëtt et Potenzialen, fir eist Land op muer ze preparéieren? Verpasse mer also keng Chancen? Well et gëllt jo, zum richtege Moment ze handeln. Fräi nom Gorbatschow: „Wien ze spéit kënnt, dee bestrooft d'Liewen.“

De Statsbudget soll deemno Schwéierpunkte setzen, fir datt et méi gerecht am Land zougeet. E soll awer och derfir suergen, datt d'Ekonomie attraktiv bleift, well nëmmen e Land, dat attraktiv ass, huet d'Mëttel, fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt finanziell ze begleeden an eis Gesellschaft méi nohalteg opzestellen.

D'Attraktivitéit vun eiser Ekonomie sécheren, de gesellschaftlechen Zesummenhalt stäerken an nohalteg wirtschafte, dat sinn déi dräi Ziler, an deene sech den éischte Budget vun dëser Legislaturperiod orientéiert. Et ass wichteg, datt ee sech esou Ziler setzt, well, fir mam Seneca oder mam Montaigne ze schwätzen: „Et gëtt nun eemol kee gënschtege Wand fir deen, deen emol net weess, a wat fir engem Hafen en ukomme wëllt.“



Här President, wéi all Joer schwätze mer am Kontext vum Statsbudget am Fong iwwer zwee Gesetzer: engersäits dat klassesch Budgetgesetz an anersäits d'Gesetz iwwert de laangfristige Finanzplang bis 2022.

Fir d'Éischt e puer Wieder zur wirtschaftlecher Situatioun heiheim, an Europa an an der Welt. Déi international Konjunktur huet en direkten Afloss op eis ganz kleng, oppen an duerfir verletzlech Economie. „Kuck, wou s de stees a wien s de bass, den Zolverknapp ass kee Parnass“, huet den Dicks geschriwwen. Mir Lëtzebuerger sinn net déi Gréisst op der Welt, dat ass gewosst. Jo, mir si kleng. Mä „t ass d'Gréisst net grad, déi d'Gléck bedeit“, heescht et am Michel Lentz sengem Feierwon.

Well mer kleng sinn, muss mer heiansdo ganz séier handelen, also flexibel sinn. Dat hu mer dacks genuch an eiser Geschicht bewisen, och mat dem néidege Gléck an der Kreativitéit, déi ee besonnesch a stiermeschen Zäite brauch, fir leschten Enns am sécheren Hafen unzekommen.

D'Weltwirtschaft ass fir de Moment an onséchere Gewässer ennerwee. Méiglech Handelskonflikter tëschent den ekonomesche Bléck oder de Brexit féieren zu enger konjunktureller Schwächt. Och eventuell Ännerungen am internationale steierlechen Ëmfeld gehéieren dozou, grad wéi temporär Baissen op de Boursen. An enger klenger, oppener Economie mat engem dominante Secteur, der Finanzindustrie, bewege mer eis ouni Weideres an engem volatilen Ëmfeld.

Et ass dowéinst net evident, fir Previsiounen ze maachen. Aus deem Grond solle mer net eenzel Wäerter, mä vill méi d'Tendenzen ënnert d'Lupp huelen a versichen, doraus ze liesen. A mir sollen och esou éierlech mat eis selwer sinn, datt mer net versichen, d'Risiko schéinze schwätzen oder ze verdrängen.

De Wuesstum an der Eurozon gëtt vum Finanzministère fir 2019 op 1,5 % geschat. 2020 läit e bei 1,6 %. Och an de Joren duerno läit dese Wuesstum bei ronn 1,4 %. D'Schätzung vum FMI leien äänlech. D'OCDE ass méi pessimistescht a schätzt de Wuesstum op 1 % beziungsweis 1,2 %.

De Brexit bréngt grouss wirtschaftlech Onsécherheete mat sech. Dat dréckt op d'Erwaardungen an d'Vetraue vum Stéit an de Betriber. D'Skandalen an der däitscher Automobilbranche an hir Konsequenzen drécken op d'Nofro. D'Vetrauen an d'Solvabilitéit vum italienesche Stat bleift weider kleng. Dat dréckt op hire wirtschaftleche Wuesstum a kéint eng nei Scholdekris auslësen. A Frankräich hunn d'Streikaktiounen vun den „gilets jaunes“ och wirtschaftlech Auswierkungen.

Fir Lëtzebuerg tabléiert de Stater op enger Croissance vum reelle PIB vun 3 % fir 2019 a vun 3,8 % fir 2020 während d'Bréisseler Kommissioun just 2,7 % virusseet. Fir 2021 an 2022 seet d'Regierung e Wuesstum fir Lëtzebuerg vun 3,5 % beziungsweis 3 % virus. Mä d'Konjunktur an der Eurozon géif awer ofgebremst ginn op 1,4 % respektiv 1,3 %, wann d'Previsiounen am méijärege Budget korrekt sinn. Et gëtt also allgemeng eng Ofschwächung vun der Konjunktur erwaart. Duerfir schléisst de Stater net aus, datt dese Wuesstum bis zu engem Prozentpunkt no ënne kéint revidéiert ginn. Mä dat ass eng Hypothees a keng definitiv Wourecht.

Wann een déi lescht Legislaturperiod kuckt, esou louch de strukturelle Sold all déi Joren iwwert dem Objectif à moyen terme, dem OMT. Tëscht 2020 an 2022 ass dat och esou, wann een de Prognose gleewe kann. Souguer am Fall vun engem externe Schock géife mer et trotzdem packen, fir bis 2022 iwwert dem OMT vun 0,5 % ze leien. Dëst géllt och fir de Fall vun engem Zënsschock. Dat weise jiddefalls d'Berechnunge vum Nationale Rot vun den öffentliche Finanzen.

Jo, et muss ee sech ëmmer d'Erausforderungen op laang Siicht virun Aen halen, besonnesch an der sozialer Sécherheet. Eent ass awer kloer: Mir respektéieren an all deene Joren d'Kritäre vu Maastricht. Mir leie souguer wäit ënnert der Grenz vun 30 % Statsschold par rapport zum PIB a fale viraussichtlech ab 2020 ënner 20 %.

Zanter 2013 ass d'Statsschold am Verglach zum PIB kontinuierlech erogaangen - mat enger klenger Ennerbriechung 2017 -: vun 23,7 % am Joer 2013 op elo ronn 20 % an 18,4 % am Joer 2022.

2018 hate mer eng aussergewéinlech Croissance vun ronn 10 % bei de Recetten. D'Depensé sinn ëm 7,2 % geklommen. Fir 2019 ass de Finanzminister méi virsichteg a gesäit eng Croissance vun 2 % vir. D'Depensé géifen awer ëm 5,6 % steigen.

Den Nationale Rot vun den öffentliche Finanzen bemierkt, datt d'Statsschold an absolutten Zuele weider klëmmt, op 13,2 Milliarden am

Joer 2022. Säi President huet awer vun enger Stagnatioun vun der Schold geschwat. An absolutten Zuelen ass dës effektiv nëmme lues geklommen. A relativen Zuelen, also mat Bléck op e staark wuessende PIB, soll si däitlech erofgoen. D'Aussichte gesinn also net esou schlecht aus, och wann ee bei makroekonomesche Schätzungen, sprécht Previsiounen ëmmer virsichteg muss sinn.

De Stater ass onofhängeg. Op sengen Zuelen, déi hien elo am Fréijoer net wesentlech revidéiert huet, baséieren d'Prognosen. Hien huet eng wëssenschaftlech Method an huet ugekënnegt, dës Method nach ze verfeinere.

Wat déi eenzel Branchë betrëfft, esou ass d'Tendenz generell favorabel. Trotz den internationalen Turbulenzen a potenzielle Risikofactoren steet eis Finanzplaz gutt do a bleift och weiderhin interessant fir Investoren a fir Betriber. Besonnesch am Kader vum Brexit konnt sech de Finanzsecteur gutt positionéieren an nei Akteuren unzéien. Och d'Bilane vun den etabléierten Akteuren hu sech positiv entwéckelt. Dem Stater no sinn d'Revenue bei de Banken duerchschnëttlech ëm 8,5 % d'lescht Joer gewuess. Bei den Assurancegesellschaften sinn d'Primme souguer ëm 17,8 % am drëtten Trimester par rapport zum Joer virdru gewuess.

Wat d'Fongindustrie betrëfft, esou ass de Wäert vun den Aktivaen, déi an engem OPC domiciliéiert sinn, ëm 7,1 % am Verglach zum Virjoer an d'Luucht gaangen. Och den Dingschlechtssecteur ass am leschte Joer gewuess. Déi eenzel Beräicher, dat heescht vum Commerce iwwert d'Horeca, d'Service „business to business“ an d'Autosverkeef bis hin zum Transport, hunn am Duerchschnitt tëscht 3 % a 4 % méi Plus-valuë geschaf wéi dat Joer virdru.

D'Industrie wiest mat engem Taux vun 2,8 % zu Lëtzebuerg liicht méi séier wéi an der Eurozon. Do louch d'Croissance am selwechten Zäitraum bei 2,2 %. Par contre ass de Bilan am Bausecteur ganz gutt. Dese Beräich ass nämlech mat 4,5 % hei am Land duebel esou séier gewuess wéi an der Eurozon.

Wat d'Inflatioun betrëfft, esou krut dës eng nei Dynamik mat der Indexbranche an duerch déi méi favorabel Lounentwécklung a bestëmmte Secteure mat Kollektivverträge. D'Klamm vum Léin ass awer och bedéngt duerch déi besser Konjunktur an duerch d'Tatsaach, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir qualifizéiert Leit ze fannen. D'Hausse vun de Pétrolspräisser a vu bestëmmte Liewensmëttel, déi duerch d'Dréchent am Summer méi deier goufen, huet d'Inflatioun sumer op den Niveau vun 2 % am Joer 2018 gedriwwen.

Fir 2019 gëtt en Taux vun 1,9 % erwaart, während awer gläichzäiteg domadder gerechent gëtt, datt d'Inflatioun ab 2020 duerch de gratis öffentliche Transport an d'gratis Kannerbetreuung nees erofgeet.

De Chômageaux läit fir de Moment bei 5,2 %. 5,2 %, Kolleeginnen a Kolleegen, dat heescht, datt mir nees um nämlechen Niveau ukomm si wéi virun der Kris. 2022 soll e souguer bei 4,6 % leien. Dëst erkläert sech duerch déi wuessend Nofro un Aarbechtskräften, souwuel am Privatsecteur ausserhalb vun der Finance wéi bei der öffentliche Hand.

Esou vill zur makroekonomescher Wiederlag. Dir gesitt, par rapport zu anere Länner si mer gutt do. Wéinst den ugeschwate Risiken, dorënner natierlech de Brexit, wäerte mëttelfristeg awer och bei eis e puer gro Wolleke méi um ekonomeschen Himmel eropzéien. Et géllt also, virsichteg ze sinn an eng verantwortlech Budgetpolitik ze bedriewen.

Ech kommen elo op den europäesche Kader vun der Budgetpolitik an do virop bei d'Regelwierk vum Semestre européen. Dir wësst, d'Länner hu sech méi strikt Regele ginn, fir hir Budgetpolitike besser openeen ofzestëmmen. Dat war eng vun de Léieren aus der leschter Finanz- a Wirtschaftskris. Well déi Häre Finanz- a Wirtschaftsministeren no dësem Ried déi 20. Aktualisatioun vum Pacte de stabilité et de croissance PSC respektiv den neie Programme national de réforme PNR virstellen, erluben ech mir, mech op deem Punkt méi kuerzzefassen.

Esou vill sief awer gesot: Déi Europäesch Kommissioun huet eis an hirem Avis iwwert de PNR fir d'Joer 2018 eng bonne Note ausgestallt. Si bestätegt, datt Lëtzebuerg säin „objectif à moyen terme“, den ominösen OMT, net nëmme erreicht, mä och iwwert déi ganz Period genuch Sputt behält. Lëtzebuerg wäert deemno d'Dispositiounen vum PSC an de Joren 2018 an 2019 respektéieren.

D'Kommissioun hieft natierlech och eng Rei Erausforderunge fir Lëtzebuerg ervir, déi sech op laang Siicht stellen. Dëst si virun allem déi laangfristeg Käschten a Relatioun mat eisem Pensiounssystem. D'Kommissioun recommandéiert an deem Kontext, Mesuren ze ergreifen, fir den Taux d'emploi vun deenen eelere Leit ze

stärken. Domadder soll Drock vun eisem Pensiounssystem geholl ginn.

Wéi gesäit et elo konkret mat der mëttelfristeger Budgetpolitik aus? Well et ëmmer erëm fir Konfusioun suert, erluben ech mir, nach kuerz eemol drop hanzeweisen, datt mir zu Lëtzebuerg zwou Methoden hunn, fir de Budget ze presentéieren: éischtens, déi europäesch Referenzmethod, déi sougenannt SEC 2010, déi et erlaabt, kohärent an zouverlässeg Vergläicher tëscht de Memberstate vun der Eurozon ze maachen, an och d'Engagementer kuckt, an zweetens, déi Lëtzebuerger Kontabilitéitsregelen aus dem 1999er Gesetz iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Tresorerie, déi d'Logik vun enger Comptabilité de caisse suivéieren.

Béid Methode werfen also een ënnerschiedleche Bléck op d'Budgetszuelen. Si stinn duerfir net am Widdersproch zueneen, mä si ergänge sech. Well dëst an de leschte Joren, wéi gesot, ëmmer erëm zu enger gewëssener Konfusioun bei der Presentatioun vum Budget gefouert hat, huet de Finanzministère dëst Joer versicht, fir béid Methode méi no beieeneenzeféieren. Dat gouf vu villen Akteuren, dorënner och dem Statsrot, gefuerdert an ass och ze begrëssen.

Dëst gesot, kommen ech elo zum Budget pluriannuel. An de Joren 2019 bis 2022 bleift de Sold vun der Administration publique, dem Gesamtstat, largement exedentaire. Den Iwwerschoss vu 632 Milliounen Euro am Joer 2019 klëmmt den aktuelle Previsiounen no bis op 1 Milliard an 158 Milliounen am Joer 2022. A relativen Zuelen ausgedréckt, verduebelt sech den Iwwerschoss vun 1 % op 2 % vum PIB.

De Sold vum Zentralstat bleift déi ganz Period iwwer defizitär. 2019 gëtt mat engem Minus vu 650 Milliounen gerechent, woubäi mir allerdéngs 2022 quasi am Equilibre ukommen. Den aktuelle Previsiounen no hu mir nämlech dann am Zentralstat just nach en Defizit vu 44 Milliounen Euro oder vun ëmgerechent 0,1 % vum PIB.

D'Administrations locales, also d'Gemengen, affichéiere während der ganzer Period 2019-2022 en Iwwerschoss vu ronn 0,5 % vum PIB, also 300 Milliounen am Duerchschnitt. D'Sécurité sociale stabiliséiert sech ronderëm 1,6 % vum PIB mat engem Sold, dee vun 997 Milliounen am Joer 2019 op eppes méi wéi 1 Milliard am Joer 2020 wäert eropgoen, fir dann 2022 bal 1,2 Milliarden ze erreechen.

Déi positiv Entwécklung um Aarbechtsmaart bewierkt fir de Moment, datt d'Cotisations fir d'Pensionsversicherung weider eropginn an datt d'Finanzsituatioun vum Pensionsregime einestweile confortabel bleift. Enn 2018 louch déi global Reserv vum Kompensatiounsfong bei engem Drëttel vum PIB a läit domat däitlech iwwert dem Wäert vun der öffentliche Schold.

D'Situatioun liwwert de Moment keng Ursaach, fir a Panik ze geroden. Mä mir wëssen alleguer, datt eise Pensiounssystem e staarke Wuesstum vun der Economie virussetzt. D'Regierung huet duerfir en Aarbechtsgrupp agesat, dee Recommendationen fir d'Viabilitéit vun deem System ausschaffe soll.

E puer Wuert dann elo zur öffentliche Schold. An absolutten Zuele wäert d'Statsschold vun 12,5 Milliarden am Joer 2018 op 13,2 Milliarden am Joer 2020 klammen. Hei kann ee vun enger lichter Hausse ausgoen, eng Entwécklung, déi een awer als Stagnatioun bezeichne kann, esou wéi de Romain Bausch vum CNFP eis gesot huet. Déi öffentliche Schold stabiliséiert sech nom Budget pluriannuel am Joer 2018 par rapport zum PIB. Dës läit däitlech ënnert der Limit vun 30 %, déi d'Regierung sech selwer och am neie Regierungsprogramm gesat huet.

Erlaab mer, nach eemol drun ze erënneren, datt de Comité de prévision am Joer 2014 vun ëmmerhin 29,2 % fir 2016 ausgaange war, wann d'Budgetpolitik net nei orientéiert gi wier.

De Solde structurel wäert och an den nächste Joren däitlech iwwert dem OMT leien, an dat iwwert déi ganz Trajectoire bis 2022. Et ass bis 2020 mat enger liichter Verschlechterung vum Solde structurel ze rechnen, vun 2,6 % d'lescht Joer geet de Wäert 2020 op 0,8 % erof, fir sech awer duerno erëm ze erkréien a bis 2022 op 1,8 % eropzegaen.

Dëst Zil erreeche mer, ouni datt déi öffentliche Investissementer erfogesat musse ginn. D'Regierung seet, datt si gezielt a bewosst an d'Zukunft vun deene kommende Generatiounen investéiere wëllt. Duerfir ginn d'Investissementer vum Stat vun 2,5 Milliarden am Joer 2019 op eppes iwwer 3 Milliarden am Joer 2022 erop.

D'Investissementer ginn awer net just an absolutten Zuelen an d'Luucht, mä och am Verglach zum PIB. Louchen dës 2018 bei 3,8 %, esou komme mer dëst Joer op 4,2 % an 2021 souguer op 4,5 %, fir géint Enn vun der Period am Joer 2022 erëm bei 4,2 % ze landen.

D'Regierung huet zanter 2014 d'öffentlech Investitiounen ëmmer héich gehalen, trotz der Noutwendegkeet, fir d'Entwécklung vun de Statsfinanzen nees an de Grëff ze kréien. Um Enn vun der Period 2019 bis 2022 wäert d'Regierung iwwer eelef Milliarden investéiert hunn.

Grouss Investitiounen sinn noutwendeg, jo onëmgängelech. Ech denken do virun allem un Investitiounen an Zuch an Tram, an d'Schoulgebaier, an d'Sanéierung vun de Staudämm vu Rouspert an Esch/Sauer, an d'Spideeler, awer och a Strukture fir Jonker an eeler Matbirger an a Moosnamen, fir eisen Deel am Kampf géint de Klimawandel ze leeschten.

Dir Dammen an Dir Hären, éier ech de Budget 2019 analyséieren, wëllt ech nach eng Kéier kuerz op de Kont vun 2017 agoen. No der Lëtzebuerger Methodologie hu mir d'Konten vun 2017 mat engem Iwwerschoss vu knapp 1,3 Milliarden ofgeschloss. Zum Zäitpunkt vum Budgetsvott gouf nach mat engem Defizit vun 850 Milliounen gerechent. An anere Wieder: Et gëtt also en Ecart vun 2,2 Milliarden tëscht dem gestëmmte Budget an dem Kont.

Op den éischte Bléck kéint dat sécherlech deen een oder aneren iwwerraschen. Op den zweete Bléck erkläert sech dësen Ecart awer virun allem duerch verschidden aussergewéinlech Operatiounen, wéi ënner anerem d'Kontabilisatioun vu Prëten an Emprunten oder d'Dotatioun vun Investitiounsfongen. Mir schwätzen do iwwer ëmmerhin 1,7 Milliarden op der Recettésäit an 130 Milliounen op der Dépensesäit.

Rechent een also déi extraordinär Operatiounen eraus, komme mer nach op en Defizit vu ronn 293 Milliounen a schneiden domadder bal 560 Milliounen besser of wéi am Budget virgesinn. Den Haaptgrond vun där Verbesserung läit bei de Recetten. Déi hunn d'Previsiounen ëm 4,5 % iwwertraff, an dat trotz der Steuerreform, déi den 1. Januar 2017 a Kraaft getrueden ass. Deemoools war jo gefaart ginn, datt d'Käschten vun där Reform vun der Steuerverwaltung an dem Finanzministère ënnerschat gi wieren. D'Budgetsexekutioun vun 2017 weist eis awer elo, datt deem net esou ass.

Och beim Compte prévisionnel fir de Budgetexercice 2018 gesäit et de Moment gutt aus. Mir kruten do déi lescht Zuelen den 1. Februar vum Finanzminister presentéiert. Op den 31. Dezember 2018 goufen ewell 107,9 % vun de Recetten erageholl. Mir hunn also méi Suen erakritt, wéi mer ufanks geduecht hunn. Och op der Dépensesäit si mer nees mat 97,7 % no bei enger Punktländung.

An der Logik vum SEC 2010 gouf et am Zentralstat Enn 2018 en Iwwerschoss vu 772 Milliounen. An de Jore virdru, 2016 an 2017, louch deen Iwwerschoss zum selwechten Zäitpunkt bei nëmme 150 respektiv 330 Milliounen Euro. Dës positiv Entwécklung leet u sech de Grondstee fir de Budgetsequiliber fir 2018.

Ech kommen elo bei de Budgetsprojet fir 2019.

Hei muss ee virop präziséieren, datt ee wéinst dem ugeschwate Rapprochement vun deenen zwou Methoden de Kont 2017 respektiv de Compte prévisionnel vun 2018 net méi esou einfach mam Projet de budget 2018 (veuillez lire : Projet de budget 2019) vergläiche kann. Dee fousst jo elo op enger anerer Basis wéi déi Jore virdru.

Fir d'Joer 2019 geet de Finanzministère vu Recetté vun eppes iwwer 16,6 Milliarden aus. Op där anerer Säit rechent hie mat Dépensé vun eppes Klengem iwwer 17,4 Milliarden. An der Logik vun eise Kontabilitéitsregele wier de Budget 2019 also mat ronn 815 Milliounen defizitär. Dëst, wéi gesot, nom Rapprochement vun deenen zwou Kontabilitéitsmethoden.

Wann ee wëllt erausfannen, wéi d'Recetten an d'Dépensé par rapport zu deene leschte Joren evoluéieren, muss een déi Ugläichungen awer nees erausrechnen. Fir datt op deem Punkt keng Konfusiounen entstinn, huet de Finanzminister virgesuert an all Transparenz och déi zwou Rechmethoden an d'Budgetsdokument integréiert.

Rechent een d'Ugläichungen also nees eraus, fir d'Budgetjore matenee vergläichen ze kënnen, gesäit een, datt d'Recetté par rapport zum Budget 2018 ëm 10,3 % wuessen an d'Dépenses ëm 9 %. D'Recetté wuessen also méi séier wéi d'Dépenses. Och de Sold vum Budget 2019 ass méi wéi 100 Milliounen manner defizitär wéi de programmierte Sold vum Budget 2018. Do si mer jo ufanks vun engem Defizit vun ëmmerhin 925 Milliounen ausgaangen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech komme bei e puer politesch Akzenter vun deem Budget. Et



huet kee Wäert, se alleguerten opzezielen, den Här Finanzminister huet dat schonn am Mäerz gemaach. Ech picke mer der e puer eraus.

Do wieren emol virop déi steierlech Mesuren. Wéi ugekënnegt, gëtt mam Budgetgesetz de Mindestloun ëm 100 Milliounen Euro netto de Mount erhéicht. Dat geschitt iwwert de Wee vun der ...

► **Une voix.** - Dat wär gutt!

► **Une autre voix.** - Dat wär schéin!

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Pardon, ... ëm 100 Euro netto de Mount erhéicht. Dat geschitt ...

(Interruption)

Ech si frou, datt Der esou gutt oppasst.

(Hilarité)

Dat éiert lech.

(Interruptions)

Dat geschitt iwwert de Wee vun der Aféierung vun engem neie Crédit d'impôt salaire social minimum, dee retroaktiv op den 1. Januar 2019 a Kraaft trëtt. Parallell geet de Mindestloun brutto ëm 2 % erop, dat sinn zesummen 100 Euro netto.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Nieft der Steuerreform 2017 a ville Sachleeschungen zugonschte vu Leit mat méi klengem Léin ass d'Erhéijung vum Mindestloun e weideren Akzent a puncto Kafkraaft vu Leit mat méi schmuele Schëlleren. De Budget 2019 steet domadder och kloer am Zeeche vun der gesellschaftlecher Kohäsion.

De Budget stäerkt weider d'Kompetitivitéit vun eise Betriber. Déi musse sech an engem ëmmer méi haart ëmkämpften Ëmfeld behapten. Dorüwwer eraus kënnent nach déi progressiv Erweiterung vun der Steuerbasis duerch d'Ëmsetzung vun de BEPS-Mesuren an der ATAD-Direktiv op si zou. Fir dorobber ze reagéieren, geet op den 1. Januar d'Besteuerung vun den Entrepreneuren um Niveau vum IRC vun 18 % op 17 % erof. Gläichzäitig geet de Montant, fir deen de reduzierten Taux vu 15 % gëllt, vu 25.000 op 175.000 Euro erop. Dës Mesuren hëllefen all den Entrepreneuren, a besonnesch de jonken, innovative Start-uppen an dem Mëttelstand.

Bei den indirekte Steiere wëll ech och nach d'Erofsatz vun der TVA op verschidde Produkter ervirsträichen, wéi zum Beispill déi digital Publikationen, déi elo mam superreduzierten Taux vun 3 % besteiert ginn. Den Taux fir biologesch phytosanitär Produite gëtt op 8 % erofgesat. Dës ass am Sënn vun der nohalteger Landwirtschaft ze gesinn.

Schlussendlech kënnent d'Regierung awer och der Fuerderung vu ville Fraen no, datt bestëmmten Hygieneprodukten net méi sollen als Luxusartikelen ugesi ginn. Dës Artikele ginn elo mam niddregen Taux vun 3 % besteiert.

Här President, d'Nohaltegkeet ass ee vun de Schwéierpunkten am Regierungsprogramm an de Budget spigelt dat och erëm. D'Regierung hält hir Engagement am Kader vum Paräisser Klimaabkommen eescht an investéiert deementspreechend an de Klima- an Naturschutz. Fir e puer Zuelen ze nennen: Esou wäerten 20 % vun den Investissementen vun deem Budget an deementspreechend Projekte fléissen. Dat si 455 Milliounen eleng fir dës Joer. An den nächste Jore geet dës Montant weider erop, soudatt iwwert déi ganz Legislaturperiod gekuckt méi wéi 2,3 Milliarden Euro fir Investissementen am Beräich vu Klima an Ëmwelt virgesi sinn.

Donieft ginn d'Mobilitätsinfrastrukture weider massiv ausgebaut. Et ass evident: Wa mer wëllen dohinnerkommen, datt d'Offer der Demande gerecht gëtt an den ëffentlechen Transport pünktlech a bequeme ass, da muss et mat den Investissementen am selwechte Rhythmus wéi während de leschte fënnf Joer weidergoen.

An deem Sënn klëmmt och de Budget vum Mobilitätsministère op den historeschen Héichpunkt vun iwwer zwou Milliarden. Investéiert gëtt virun allem an den Ausbau vum Zuch- an Tramsreseau. Denke mer nëmmen un den Ausbau vun der Stater Gare, wou zwee nei Quaien derbäikommen, an un déi nei Streck tëschent Beetebuerg an der Stad. Wat den Tram betrëfft, esou soll deen an den nächste Joren op Hollerech, op d'Cloche d'Or, d'Areler Strooss erop a bis bei de Findel fueren.

D'Regierung investéiert also immens vill Suen an d'Schinn. Et sief nach eemol drun erënnert, datt esou Aarbechten deier sinn a laang brauchen, mä wann d'Waggone bis eemol rullen, da sinn d'Verbesserungen direkt ze spieren.

Ab dem 1. März 2020 gëtt den ëffentlechen Transport komplett gratis, ausser an der éischter Klass. Dës Mesurë sollen de Leit mat méi engem niddregen Akommes zeguttkommen. Anerersäits soll et awer virun allem eng Incitation fir vill Bierger sinn, fir den Auto wa méiglech stoen ze loosse an op Bus, Zuch an Tram ëmzeklappen. Doduerch sollen net nëmmen d'Problemer an der Mobilitéit - wéinstens zum Deel - geléist ginn, et ass och e weidere Schratt, fir d'CO₂-Emissionen ze reduzéieren.

Fir en Zeechen an déi Richtung ze setzen, huet d'Regierung dorüwwer eraus och decidéiert, d'Akzisen um Bensinn an Diesel ëm ee respektiv zwee Cent ze erhéien. Dës Moosnam huet virun allem e symbolesche Charakter, mä si ënnersträicht och de Wëllen, fir lues a lues aus der Ofhängegkeet vun de fossilen Energien erauszeklappen.

D'Finanzkommissioun hat eng sëllegechen Entwurf mat verschiddeenen Institutiounen a Verwaltungen. Dat huet zu Recommendationen gefouert, déi ech kuerz wëll ernimmen. Ech glécken der fënnf eraus:

Déi éischt Recommendation betrëfft déi makroekonomesch Analys. Lëtzebuerg ass e klengt Land an et ass duerfir enger grousser makroekonomescher Volatilitéit ausgesat. Et geet also drëm, fir déi makroekonomesch Analys, op där d'Previsiounen baséieren, ze verfeinere, andeems den Impakt vun eventuellen externen Schocken, wéi zum Beispill Handelskriecher, Schwankungen op der Bourse, Schwankungen och vum Pétrolspräis oder nei Regulationen am Finanzsektor, besser kann ageschat ginn.

Déi zweet Recommendation betrëfft déi personell Verstärkung vun eise Finanzverwaltungen. Do si jo schonn Ustengungen gemaach ginn. Déi gëllt et weiderzedreien, quitta datt een déi Leit, déi ee blutnéideg brauch, net aus dem Stee schloe kann.

D'Besteuerungsregelungen sollen, wa méiglech, vereinfacht ginn an d'Digitalisation vun de Steuererklärungen soll Realitéit ginn. Déi obligatoresch elektronesch Besteuerung vun de Gesellschaften, déi zënter dem Steuerjoer 2017 gëllt, huet gewisen, wéi effikass d'Digitalisierung ka sinn. Elo gëllt et, dës Potenzial och bei de physische Persounen ze notzen.

Donieft mussen déi verschidde Finanzquellen, déi de Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg speisen, weider gestärkt ginn a si musse méi an d'Richtung vun der verantwortlecher Finanz gefouert ginn. Mir liewe fir de Moment a besseren Zäiten an do stellt sech onwegerlech d'Fro, ob mer net en Deel vun den eventuelle budgetäre Plus-valuen dozou notze sollen, fir d'Dotationen vum Zukunftsfond no uewen ze revidéieren, wann et méiglech ass. Bis ewell si méi wéi eng Véierelsmilliard Euro an deem Fong. Et dierft eiser nationaler Spuerbéchs fir d'Zukunft vum Land sécher guttduen, wann hir Fonge géifen zousätzlech mat eventuellen Iwwerschëss aus dem Budget gespeist ginn a wann déi Fongen esou nohalteg an zukunftsweisend wéi méiglech ugeluecht ginn.

Déi drëtt Recommendation betrëfft de Suivi vun de verschiddeenen Politicken, déi déi divers Regierungen an d'Weeër geleet hunn. Dës Politicke sollen no enger Rei Joren enger kritescher Analys ënnerzu ginn, fir eventuell Korrekturen virzehuelen oder se ze reforméieren, wann dës noutwendeg sollt sinn. Et geet och drëm, fir déi parlamentaresch Kontroll iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten, déi de Käschtpunkt vun zéng Milliounen Euro iwwerschneiden, ze verstärken, andeems och déi Konstruktionsprojete gekuckt ginn, déi de Stat mat enger plafo- niierter Subventioun ënnerstëtzt.

Déi véiert Recommendation betrëfft de Phénomène vun der Digitalisation. Dës werft eng Rei ethesch a gesellschaftlech Froen op, ronderëm déi mer eng breet Diskussioun féiere mussen. Et misst an enker Zusammenarbecht mat der akademescher Welt an enger pluralistescher Approche gekuckt ginn, d'Erausforderungen vun der kënnschtlecher Intelligenz an der Digitalisation fir Mënsch an Natur ze hanterfroen an d'Verantwortung vun den eenzelnen Akteuren ze klären.

Déi fënneft Recommendation betrëfft d'Governance an Zäite vun der Digitalisierung. D'numeresch Transformation ass jo en transversale Prozess. An duerfir ass eng global Strategie noutwendeg, zemoos wann et ëm déi administrativ Vereinfachung geet. Schlisslech muss et jo geléngen, d'Verwaltungen iwwert de Wee vun der Digitalisierung nach méi effizient opzustellen, fir dem Bierger e bessere Service unzébieden. D'Digitalisierung huet eng intersektoriell Dimension. An duerfir besteet d'Noutwendegkeet vun enger méi breeder Konzertatioun. Aus deem Grond ass et och eng gutt Iddi, en Haut-Comité vun der digitaler Transformation op d'Been ze stellen, deem seng Aufgab et ass, d'Governance op deem Zukunftsgebitt ze verbessere.

Et geet natierlech och drëm, attraktiv Servicer ze offréieren, déi e gesécherten a séieren Traitement vun Dokumenten vun de Bierger, de Betriber an den aneren Akteuren erméiglechen, andeems d'Deele vun Donnéeën tëschent de Verwaltungen verstärkt gëtt. Et ass awer kloer, datt all Zougrëff op perséinlech Informatiounen a strengster Transparenz geschéie muss. Den Haut-Comité kéint donieft och d'Regierung bei strategeschen Investissementen beroden an déi Creneuen identifizéieren, déi Lëtzebuerg an Zukunft am Beräich vun der kënnschtlecher Intelligenz exploitéiere kann.

Ech wëll dann awer och nach all den Institutiounen a gesellschaftlechen Akteuren Merci soen, déi e schrëftlechen Avis zum Statsbudget an zur méijäreger Budgetplanung ofginn hunn. Dorënner ware ganz fundéiert a pertinent Iwwerleeungen, déi mer gehollef hunn, dës Rapport mat der néideger Gewëssenhaftgkeet ze schreiwen.

Ech kann aus Zäitgrënn leider net mëndlech op déi eenzel Avisen agoen. Déi verschidde Positionen fannt Dir am Detail am schrëftleche Bericht.

Wat de politesche Schwéierpunkt vu mengem Bericht ugeet, esou hunn ech dës Budgetrapport bewosst an de Kontext vun der Digitalisierung gestallt. D'Digitalisierung ass e Prozess, deen eis all erausfuert. Lëtzebuerg kann op kee Fall virun dëser Entwécklung d'Aen zoumaachen. Amplaz d'Digitalisierung einfach op eis duerkommen ze loosse, si also hinzehuele wéi eng Fatalitéit, heescht et, proaktiv ze handelen an déi zukünftige Entwécklungen ze anticipéieren.

D'Digitalisierung verännert eis Gesellschaft an eis Aarbechtswelt, ob eis dat gefält oder net. Grad duerfir mussen mer dat Beschit draus maachen an d'Potenzialer vun dëser Entwécklung zum Wuel vun de Leit an deem eenzelne Mënsch notzen.

A mir stinn och net esou schlecht do, zum Beispill a puncto Konnektivitéit, also bei der Vernetzung. Mir sinn op deem Terrain eent vun den éischte Länner an der Europäescher Unie. Gleeft een der leschter Aktualisierung vum „Digital Economy and Society Index“, deen d'Bréisseler Kommissioun all Joer verëffentlecht, gëtt eis Land als „high performing country“ am Prozess vun der digitaler Transformation agestuft. Och beim mobilen a fixen „haut débit“, bei der Vitesse vun den Daten an der Notzung vun den Onlineservicer läit Lëtzebuerg un der Spëtzt vum europäesche Klassement.

Op där anerer Säit gëtt et awer och Retarden, esou zum Beispill um Plang vun den ëffentlechen digitalen Dëngschtleeschungen an den administrativen Formalitéiten. Och bei de klengen a mëttlere Betriber gëtt et Nohuelbedarf. D'PMEE wieren zum Beispill weening implizéiert bei den Onlineverkeef. Manner wéi 10 % verkafen hir Produkter oder Servicer iwwert den Internet. An der EU sinn et ronn 17 %.

D'Digitalisierung ass ee Prozess, dee sech séier mécht. Quasi all Beräicher sinn dovunner be- trafft. Mir mussen d'Chancen, déi sech erginn, ergräifen, fir d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg ze erhalen. D'Digitalisierung verlaangt eng verstärkt Zusammenarbecht vun alle gesellschaftlechen Kräften. Dobäi fällt dem Stat eng spezifesch Koordinatiounsroll zou.

Duerch déi néideg Investissementen souwuel an d'Infrastrukturen - ech denken hei un d'5G-Technologie - wéi och an den Know-how an an d'Weiterbildung vu sengem Personal kann de Stat de Bierger an de Betriber Servicer ubidden, fir si esou méi sécher duerch de séiere Wandel ze guidéieren. De Stat ass verflücht, d'Friichte vun der Digitalisierung zum Wuel an zur Sécherheet vu senger Bierger ze notzen. D'Digitalisierung soll am Dëngscht vum Bierger stoen an net de Bierger am Dëngscht vun der Digitalisierung.

De Bierger muss also am Mëttelpunkt vun all Politik stoen, déi sech mat der Digitalisierung befasst. Et geet drëm, d'Liewensbedingunge vun de Leit, déi hei am Land liewen a schaffen, ze verbessere, vun der administrativer Vereinfachung iwwer eng besser Mobilitéit bis hin zu méi Sécherheet am Netz, enger zäitgeméisser Ausbildung oder och nach neie Methoden an Instrumenter am Gesondheetsberäich; denke mer zum Beispill un déi personaliséiert Medezinn. Dat muss d'Finalitéit vun all Strategie sinn, déi mat der Digitalisierung ze dinn huet.

Mir mussen eis ergo virun allem froen: Wéi kann d'Digitalisierung am Interêt vum eenzelne Mënsch agesat ginn? Wéi ka si dem Mënsch konkret dëngen a säi Liewen erlichteren? Wéi kënne mir d'Bierger an deem Land op dës Entwécklung virbereeden a si begleeden?

E pertinent Beispill liwwert eis do d'Finanzindustrie. Lëtzebuerg ass op deem Feld gutt opgestallt. D'Digitalisierung vun deem Sektor geschitt weltwäit mat enger grousser Vitesse.

Grad duerfir mussen mir haut d'Konditiounen schaffen, fir dës Prozess ze begleeden. Begleeden heescht och, d'Leit, déi op der Finanzplaz schaffen, ze forméieren a weiderzebildene. Hir Berufsprofiler müssen un dat verännert Ëmfeld ugepasst ginn. Mä och de generelle Manktem u qualifizéierte Mataarbechter ass a bleift eng Erausforderung fir de Sektor.

Innovatioun, initial Ausbildung a Weiterbildung sinn d'Plazen, wou mer den Hiewel usetze mussen, wa Lëtzebuerg seng Virreiderroll als international Finanzplaz erhalen an ausbauen wëllt. Dat heescht, datt d'Verbindungen tëschent Digitalisierung, Enseignement a Finanzplaz ëmmer mussen genee gekuckt ginn. Dat gëllt och fir d'Industrie, d'Handwerk an d'Dëngschtleeschungen am Allgemengen.

Am digitalen Zäitalter gesinn d'Finanzinstituter sech net nëmmen als Konkurrent, mä och als Partner. Hei léiert ee vun deem aneren. Lues a lues gëtt zesummege schafft an no Start-uppe gekuckt, déi de Banken an Investmentfonge Léisungen op d'Mooss sichen. Lëtzebuerg ass haut schonn unerkannt als en europäeschen Hub vun der Finanztechnologie. Vernetzung ass wichteg. Et gëtt ëm déi 50 FinTech-Hubben op der Welt, mat deenen d'Luxembourg House of Financial Technology schonn a Verbindung steet, an dës Volet wäert nach weider ausgebaut ginn.

Eng Modernisierung vun de Finanzinstituter hirem Ëmfeld ass onëmgängelech. Dat ass eng strategesch Prioritéit. Wëll et geet jo drëm, fir Léisungen ze fannen, souwuel am Dëngscht vum Client, deen ee besser kenneliere muss, wéi am alldeegeleche Geschäftsliewen, also am „business to business“.

Mir mussen de Banken, Fongen an Assurancëgesellschaften och an Zukunft e Kader bidden, deen innovativ ass an dee komplex Prozeduren verännere hëlleft. Geschitt dat net, da gi si éierens anescht hiren Know-how an hir Leit sichen. Den Haut comité de la place financière huet duerfir d'Thema vun der Digitalisierung genee am Bëck an en ënnersicht, wéi eng Upassung vum gesetzleche Kader néideg sinn, fir datt Lëtzebuerg d'Blockchain-Technologie an Zukunft notze kann. Initiative wéi d'ASBL Infrachain, an där Akteuren aus der Lëtzebuerger Wirtschaft federéiert sinn, schaffen drun, e passende Kader ze schaffen, deen eng sécher Implementatioun vu blockchain-baséierten Applikatiounen erméiglecht.

Och d'CSSF, also eis Autorité de surveillance, ass bereet, fir d'Entwécklung um Gebitt vun de FinTechen genee am A ze behalen, souwuel hee- hem wéi och international. D'CSSF ass haut schonn unerkannt als ee vun deene kompetentste Regulateuren op deem Gebitt, well si zu deenen Éischte gezielt huet, déi sech mam Thema virtuell Devisen auserneegesat hunn, an op deem Gebitt déi néideg Rechtssécherheet geschaf huet.

D'Regierung huet och eng Rei Initiativen op de Wee bruecht, dorënner besonnesch d'Reform vum Artikel 41 vum Gesetz iwwert de Finanzsektor, fir den Austausch vun Donnéeën tëschent den Akteuren an och tëschent de Banken an de FinTechen méi einfach ze maachen an esou fir méi Innovatioun am Dëngscht vum Client ze suergen.

D'LHoFT, also d'Luxembourg House of Financial Technology, ass wäit méi wéi en Inkubator oder en „coworking space“, wéi dat haut esou schéin heescht, et ass eng Plattform, déi all d'Akteuren zesummebréngt an hëlleft, eis Finanzplaz ze digitaliséieren. E gutt Beispill duerfir ass de Projet „Bank as a service“, un deem momentan geschafft gëtt.

Komme mer zum Thema Enseignement an Digitalisierung. Mir schwätzen hautdesdaags dacks vun „digital natives“, wa vun deene Jonken an hirem Émgang mat den digitale Medien rieds ass. D'Jugend wësst mat den neien Technologien op. Si si vu Klengem un a Kontakt mat Smartphone, PC, Tablet an esou weider. Mat hirem jugendlechen Opfaassungsverméige gi si extra séier eens. Déi Mobilitéit am Émgang mat deenen neien Technologien soll eis awer net driwwer ewechtäuschen, datt verschidde- neren vun hinne sech net ëmmer de Geforen a Risiko vun der virtueller Welt bewosst sinn.

De Schutz vun der Privatsphär a vun de perséinlechen Donnéeën, de kriteschen Émgang mat den Informatiounen, d'Méiglechkeet, fir den Handy och eemol op d'Säit ze leeën, d'Gefore vu méigleche Verhaltensstéierungen wéi der Social-Media-Sucht, d'Gefore vum Mobbing a soziale Medien an esou weider, dës sinn alles Sujeten, déi mat de Jonken diskutéiert an Deel vun der allgemenger Bildung mussen ginn. Un der Politik ass et, fir déi Jonk op den Digitalisierungsprozess virzebereeden.

Et geet drëm, fir an eise Schoulen d'Medie complémentaire anzusetzen. Si sollen hinne hëllefen, besser ze léieren an ze widderhuelen. Si sollen de Léierprozess begleeden an er-



gänzen. Dat Geléiert soll esou widderholl a gefestegt ginn. Well mer eng ëmmer méi diversifizéiert Populatioun hunn, geet et drëm, fir d'Bildung ze individualiséieren a grad op spezifesch Bedierfnesser anzegoen. Deemno: ënnerschiddlech Methoden an Instrumenter fir ënnerschiddlech Schüler. Dann ergëtt d'Digitalisatioun an der Schoul Sënn. Da verstärkt si d'Chancen, fir besser ze léieren.

Letztlech geet et jo drëm, fir déi Jonk fir d'Gesellschaft a fir d'Aarbechtswelt ze preparéieren. Ech denken do un Initiative wéi zum Beispill Digital⁴Educatioun, déi sech ronderëm fënnel Aachsen dréit:

- den Digital Citizen, wou et ëm de responsabelen Ëmgang mat deem Digitale geet, denke mer un administrativ Demarchen, un E-Banking an E-Commerce,

- dann den Digital Peer, wou et ëm d'Sécherheet am Netz geet,

- den Digital Learner, wou dat numeresch Potenzial am Léierprozess vun deene Jonke sënnvoll a verdéiwend agesat gëtt. Hei ass d'Applikatioun MathemaTIC - TIC hanne mat T-I-C en majuscules geschriwwen - e pertinent Beispill,

- den Digital Worker, wou déi Jonk geléiert ginn, komplex Problemer mat Hëllef vun der moderner Technologie ze léisen,

- an zum Schluss den Digital Entrepreneur, mat Hëllef vun deem d'Innovatioun an déi kreativ Capacitéiten ugereegt solle ginn.

Gläichzäitig heescht et och, d'Risiken ze géieréieren. Ech denken do, wéi gesot, virun allem un de Cybermobbing an un d'Sécherheet am Netz.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn vu mengem Rapport ass et mer e perséinlecht Uleies, fir all deene gesellschaftleche Kräften, den Institutiounen an der Zivillgesellschaft souwéi och der parlamentarescher Oppositioun e grouse Merci ze soe fir hiert Matschaffen, hir Kriticken a Suggestiounen, déi si am Virfeld vum Debat iwwert dëse Statsbudget formuléiert hunn. An enger lieweger Demokratie ass et nëmmen normal, datt all d'Forces vives zu Wuert kommen an hir Meenung abréngen, wann et ëm esou en ëmfaassend an deiert Gesetz geet wéi de Statsbudget, well mam Vott vum Budget façonnéiere mer Joer fir Joer e Stéck Zukunft vum Land. Mir solle jo d'Jalonen am Interessi vum Allgemengwuel setzen.

E besonnesche Merci geet dofir un all déi Beamten aus der Regierungsverwaltung, déi eis an der Finanz- a Budgetskommissioun Ried an Antwort stoungen. Si haten et net ëmmer einfach mat eis, mä duerch déi vill kritesch a pertinent Froen ass et eis dach awer geleeëntlech méiglech ginn, viles méi kloer ze verstoen. A bei kriddlegen Themen ass eis dann och eng Späicherlicht opgaangen.

Merci och menge parlamentaresche Beroder, dem Gene Kasel an dem Yan Sales, déi mech mat vill Fläiss an Zouverlässegkeet a menger Aarbecht ënnerstëtzt hunn. Och dem Finanzminister Pierre Gramegna an de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Finanzkommissioun e grousen Dank fir den Austausch. Zu gudder Lescht der Madame Caroline Guezennec e grouse Merci fir déi beandrockend Schreifaarbecht, déi si gelescht huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2018 ass dat éischt Joer no der Finanzkris vu September 2008, wou mer nees en Iwwerschoss am Zentralstat wäerte schreiwen. Dat ass e Lichtbléck. E weist eis, datt mer ëmmer virsiichteg musse sinn an datt mer och hei zu Lëtzebuerg nimmools de Sënn fir d'Realitéit an déi materiell Suerge vun de Leit därefen aus dem Bléck verléieren.

Als Parlamentarier hu mir eng Verantwortung fir d'Wuel vu Land a Leit. Eng besonnesch Verantwortung hu mir awer géintiwwer deene jéngere Generatiounen an deenen, déi no eis kommen. Dofir musse mer investéieren, fir datt Lëtzebuerg en attraktiven an nohaltege orientéierte Standuert bleift. Dës Investissementer maache Sënn a si garantéieren d'Recett vum der Zukunft.

Et kéint ee sech et jo einfach maachen an eng hallef Milliard manner investéieren, da géife mer eng schwaarz Null schreiwen. Déi historesch niddreg Zënssätz sollen awer der Regierung no genotzt ginn, fir haut déi Investissementer ze tätigen, déi mer brauchen, fir eist Land aus den Enkpäss vun engem net ëmmer nohaltege Wuesstum erauszeféieren.

Déi jénger Generatiounen wäerte mat sëllegen Erausforderung konfrontéiert ginn, wann een nëmmen un Theme wéi Logement, Digitaliséierung oder Klimawandel denkt. 20 % vun den Investissementer an deem Budget si fir ëmweltpolitesch Moossname reservéiert. Lëtzebuerg wäert sécherlech domat d'Welt net retten; ma et ass awer eis Pflicht, haut dat ze maachen, wat an eiser Muecht steet. Mir sollen haut net déi sinn, déi iwwermuer gesot kréien: „A wou waart Dir dann? Wat hutt Dir dann ënnerholl, wéi eise Planéit an de Schweess geroden ass? Musse mir haut fir Är Indifferenz, Är Gläichgültigkeet vun deemools bezuelen?“

Neen, dat wëlle mer net gesot kréien, kee vun eis heibannen! An dofir muss een dëse Statsbudget och a besonnesch am Licht vun der Nohaltegkeet analyséieren. Well mir hunn nëmmen eng Aerd an eng Natur. Mir sinn op engem Punkt ukomm, wou mer op deem Feld Faarf bekenne mussen.

Ech wéilt dofir mat engem Zitat vum englesche Statsmann, Naturwëssenschaftler a Schrëftsteller Francis Bacon schléissen. Hien huet eemol treffend gesot - ech zitéieren e fräi op Lëtzebuergesch -: „Mir kënnen d'Natur nëmmen doduerch beherrschen, andeems mer eis hire Gesetzter ënnerwerfen.“

Dëse weise Wiederer wéilt ech näischt méi bäifügen, ausser datt ech lech alleguer Merci soe fir Är Opmierksamkeet an Är Gedold.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Budgetsrapporteur, dem honorablem Här André Bauler.

5. 7450 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2019 et modifiant :

1° le Code de la sécurité sociale ;

2° le Code du travail ;

3° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

4° la loi modifiée du 30 juin 1947 portant organisation du Corps diplomatique ;

5° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

6° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

7° la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé « Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall » ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 ;

10° la loi modifiée du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 ;

11° la loi modifiée du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes (suite)

7451 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2018-2022 (suite)

et

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et Programme national de réforme (PNR)

Mir héieren elo den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2019 an iwwert déi finanziell Programmation fir d'Joren 2018 bis 2022 souwéi och d'Presentatioun vum Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm PSC. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

Exposé relatif aux projets de loi 7450 et 7451 et présentation du Programme de stabilité et de croissance par M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Här Premierminister, léif Regierungskolleegen, Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, ech ka meng Ried iwwert de Budget haut net ufänken ouni e Gedanken un de verstuerwene Grand-Duc Jean, deem säin Ambassadeur ech laang Joren a Japan war, an ouni natierlech mäin déifst Bäileed un d'groussherzoglech Famill auszesprechen.

De Budget 2019, deem haut hei vun lech debattéiert gëtt, ass deem éischten, deem d'Markenzeche vun der Regierung Bettel 2 dréit, där Regierung, déi aus de Wahlen vum leschten Oktober erauskomm ass. Dofir war d'Aarbecht vum Rapporteur André Bauler ganz wichteg an och eng Erausforderung.

Ech soen dofir dem Rapporteur villmools Merci fir seng Aarbechten, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport a fir déi vill Recommandatiounen, déi e gemaach huet an op déi ech och wäert am Laf vu menger Ried agoen. Ganz allgemeng wëll ech soen, dass ech net wäert op alleguerten d'Punkte vun dësem Budget zréckkommen, well ech dat jo schonn a menger Ried vum März gemaach hat, mä nëmmen déi wichtegst Punkten hei wéilt erausschelen.

Ech wäert och déi wichtegst Konklusiounen aus dem Stabilitéitsprogramm „Pacte de stabilité et de croissance“ an dëser Presentatioun matabauen. Mäin Exposé presentéiert sech a véier Deeler. Fir d'Éischt maachen ech e Rappel vum ekonomeschen Ëmfeld. Zweetens wäert ech dann déi grouss Linne vum Budget ënnersträichen an, den drëtten Punkt, eng Vue d'ensemble maachen, an zum Ofschluss kucken, wéi mer danndu sti par rapport zu den europäesche Kritären.

D'Lëtzeburger Wirtschaft ass déi lescht fënnel Joer an der Moyenne ëm 3 % gewuess. Si ass nom Statec och an deene Paragë fir déi nächst Joren, an zwar 3 % fir d'Joer 2019 an 3,8 % fir d'Joer 2020. An de Joren 2021 géifen et 3,5 % ginn an 2022 3 %.

Wéi all Joers huet de Finanzministère d'Zuele vum Statec geholl, wéi se sinn. An ech rappeléieren, dass dat och esou vun Europa virgesinn ass an dass de Statec eng onofhängeg Institutioun ass.

Nun ass et awer all Joers, mengen ech, eng sportlech Aktivitéit vu villen Akteuren, déi en Avis iwwert de Budget schreiwen, fir dës Prognosen als entweder ze vill pessimistesche oder ze vill optimistesche duerstellen. Dat war och erëm eng Kéier dëst Joer de Fall bei der Cour des comptes, bei der Banque centrale oder bei der Chambre de Commerce.

Nun ass et awer wichteg, mengen ech, dass ee sech e bësse mat där Saach ausermeesetzt. Ech war déi lescht Wochen um Fonds monétaire international an op der Weltbank. An ech kann lech confirméieren, dass déi Sujeten, déi ech schonn am März hei evoquéiert hat, op déi ee muss oppassen an déi Risiken duerstelle fir eis Wirtschaft, grad déi sinn effektiv, iwwert déi sech och den FMI an d'Banque mondiale Suerge maachen.

Wat fir eng Risike sinn dat? Den Impakt vun engem Brexit ouni Accord, den Handelskonflikt tëschent China an Amerika an tëschent Amerika an Europa, de Protektionismus, dee ronderëm d'ganz Welt ëmmer méi Amateure fënnt, d'Evolutioun vun de Boursen, déi an de leschte Méint ganz volatil sinn, oder d'Entwécklung vun den Zësen.

Déi richteg Fro ass en fait: Wivill Spillraum hu mer an deem Budget? An dofir hu mer eis Spezialiste gefrot, am Kader vum Pacte de stabilité et de croissance Zeenariolen duerchrechnen, fir ze kucken, wat da géif geschéien, an där éischter Hypothees, wann de Brexit ouni Accord géif geschéien op där enger Säit an den Handelskrich tëschent Amerika an deenen anere Länner géif ausbriechen, wat wier dann den Effet op eis Wirtschaft zu Lëtzebuerg. Eh bien, da géif d'Croissance amplaz 3 %, 1,7 % erofgoen, da wär se nach 1,3 %. Dat hätt natierlech en Impakt, an eis Schold géif op 20,9 % eropgoen am Joer 2023 amplaz dat, wat elo virgesinn ass, 17,3 %.

Et gouf och ausgerechent, wat géif geschéien, wann een an engem Zeenario - deen de Moment net vill Experte virgesinn - vu méi héijen Zënse wier, wat dann den Impakt wär. Eh bien, deen Impakt wär relativ méi kleng an hätt nëmmen en Impakt vun 0,2 % op eiser Croissance an eis Schold wär 17,9 % 2023 amplaz 17,3 % an de Chômage géif weider ënner 5 % bleiwen.

Dir gesitt also, dass déi zwee Zeenariolen gekuckt gi sinn an een en fait relativ berouegt.

Elo kann een awer net just pessimistesche an d'Landschaft kucken, mä et kann een och positiv Zeenariolen ausrechnen. Dat hu mer och gemaach. Wann elo en Accord mat Groussbritannien fonnt gëtt, wann d'Zësen niddreg bleiwen, jo, dann huet dat e positiven Effet vun 0,4 % op eise Wuesstum. An dat hätt dann als Resultat, dass bis 2023 eis Schold manner wéi 15 % vum PIB, vun eisem Räichtum wier.

Dir gesitt also, dass déi zwee Zeenariolen, déi negativ an déi positiv, zwar en Impakt hunn, mä mir mengen, dass dat, wat mir als Hypothese geholl hunn, dat, wat de Statec ausgerechent huet, dee virsiichtegen an de realistesch Mëttelwee duerstellt.

Et muss een och ënnersträichen, dass Lëtzebuerg eng oppe Wirtschaft an e klengt Land ass an dass dofir international Schwankungen méi Effet hu wéi bei anere Länner. Dat huet och de Conseil national des finances publiques a sengem Avis ënnerstrach an op déi methodologesch Problemer higewisen, déi et do gëtt. Ech kann lech soen, dass de Statec sech däreer bewusst ass an amgaangen ass, op deenen Analysen ze schaffen.

Op där anerer Säit, well eis Wirtschaft och esou oppen ass, besteet zu Lëtzebuerg keng 100%eg Korrelatioun tëschent der Entwécklung vum Wuesstum op där enger Säit an der Entwécklung vun de Recett vum Stat. E gutt Beispill dofir ass d'Joer 2017 gewiescht. Do hat de Statec näamlech d'Croissancezifferen ëm 0,8 % erfogeschrauft, vun 2,3 % op 1,5 %, an trotzdeem sinn 2017 d'Recett 5 % eropgaangen. Och 2018 hu mer eng äänlech Evolutioun gesinn.

An ech kann lech och soen, wann ech déi provisoersch Zuelen - ech ënnersträichen: provisoersch Zuelen! - vum éischten Trimester kucke vun de Recetten, da gesäit een, dass mer de Moment nach eng méi staark Progressioun hu wéi dat, wat mir an eise virsiichtegen Hypotheesen ugeholl hunn.

Mir hunn also eng virsiichteg Approche gehat, an dat confirméiert och d'Kommissioun. Déi seet an hirer Analys näamlech, dass d'Zuele vun der Regierung virsiichteg sinn, op Englesch “rather conservative assumptions about the elasticity of revenues”.

Anescht wéi d'Kommissioun schéngen d'Zentralbank an eng Rei vun de Chambre professionellen d'Tendenz ze hunn, d'Glas éischter hallef eidel ze gesi wéi hallef voll, besonnesch am Hibleck wat d'Entwécklung vun dëse Steuerrecetten ubelaangt.

Mä et ass esou, dass d'Changementer um europäeschen internationalen Niveau, wat d'Steierlandschaft ubelaangt, net nëmmen negativ Konsequenzen hunn. A mir participéieren och als Lëtzebuerg proaktiv bei deenen Diskussiounen, sinn do also en aktive Verhandlungspartner, wou mer eis Interête verteidegen, awer och konstruktiv no Léisunge sichen.

D'Zäiten, an deenen d'Politik bei ons am Land war, just esou laang wéi méiglech ze blockéieren, sinn definitiv eriwuer. Dofir brénge mer et och fäerdeg, déi Changementer, déi kommen, proaktiv ze begleeten. A mir gesinn dat am Kontext BEPS. Et stëmmt: Eng Rei vun Entrepreneuren hu bei eis hir Dieren, oder besser gesot, hir Bréifkëschen zougemaach. Mä mir gesinn awer och anerer, déi hir Präsenz an hir Substanz hei zu Lëtzebuerg verstärkt hunn. An de Kontext vum Brexit huet gewisen, dass Lëtzebuerg en attraktiven a kredibelen Standuert ass.

Déiselwecht Entwécklung stelle mer bei der Steuerreform vun 2017 fest. Am Virfeld gouf et vill Polemik driwwer, dass de Finanzminister den Impakt vun de Steuerreduktiounen ze niddreg ageschat hätt. D'Realitéit huet awer gewisen, dass d'Regierung richteglouch, well den Impakt vu méi niddrege Steieren de Konsum no uewe gedriwwen huet an d'Kompetitivitéit vun den Entrepreneuren gestärkt huet an doduerch den Nettoeffet vun der Steuerreform ganz no bei de Resultater war, déi d'Regierung virgesinn hat.

Datselwecht wäerte mer eiser Meenung no am Joer 2019 feststellen, wou mer jo och eng Reduktioun vun 1 % vun der Kierperschaftssteuer virgesinn. A mir wäerten och do deen Impakt, den Nettoimpakt feststelle kënnen, dass et also do net nëmmen no ënne geet, mä och no uewe ka goen.

Et ass och esou virgesinn am PSC, dass mer laangfristeg Recett vu 45 % bis 46 % vum PIB géifen erakréien.

Am Kontext vun deem, wat ech vun de Recetté gesot hunn, wëll ech da soen, dass ech d'Analyse an d'Pisten, déi de Rapporteur an deem Beräich gemaach huet, ganz gutt fannen an dass ech och wäert d'Stärkung vun den Effekter vun der Steierverwaltung op där enger Säit (veuillez lire : op där enger Säit virundreiwen) an och hir Capacité d'analyse économique an Zukunft stäerken. Mir brauchen dat an enger Welt, wou d'Steierlandschaft esou séier changéiert.

Mäin zweete Punkt sinn dann déi grouss Linne vum Budget. Ech hat dat am März mat dräi Akzenter ënnerluecht. Dat hei ass e Budget vun der sozialer Kohäsioun a Gerechtegkeet zum engem, vun der Kompetitivitéit zum zweeten a vun der Nohaltegkeet zum drëtten.

Zum éischten Punkt: sozial Kohäsioun a Gerechtegkeet.



Dëse Budget ass een, wou bal d'Halschent vun den Depensen am Domaine social sinn. Et ass also e soziale Budget. An dem Avis vun der Chambre des Métiers steet, dass dat ze vill e groussen Deel wier. Ech deelen déi Meenung net. D'Regierung deelt dës Meenung och net. Au contraire: Mir sinn der Meenung, dass de soziale Fridden, dee mir zu Lëtzebuerg hunn, d'Kompetitivitéit vum Land stäerkt an domat och d'Entreprises. An deem Sënn weist d'Zentralbank och an hirem Avis interessanterweis dorop hin, dass Lëtzebuerg am Verglach mat anere Länner mat deem soziale Fridde besser duerch d'Kris komm ass wéi aner.

D'Mesure phare vun dësem Budget 2019 ass natierlech d'Augmentatioun vum Mindestloun ëm 100 Euro netto pro Mount, an dat réckwierkend op den 1. Januar 2019.

D'Chambre de Commerce bedauert dës Hausse vum Mindestloun. Si gebraucht op Franséisch d'Wierder „regrette profondément“, well d'Entreprises domadder en Deel dovunner matdroen an dofir dann och impaktéiert sinn an hir Kompetitivitéit domat belascht gëtt. Dobäi wëll ech awer ënnersträichen, dass de gréissten Deel vum Käschtepunkt vun der Augmentatioun vun 100 Euro netto net vun den Entreprisë gedroen ass, mä vum Stat, do-duerch, dass mer e Crédit d'impôt salaire social minimum agefouert hunn.

D'Chambre des Salariés op hirer Säit huet fonnt, dass effektiv de Stat ze vill vun där Augmentatioun dréit an dass d'Entreprises hätte misse méi e groussen Deel droen. Ech mengen, och hei hu mer e gesonde Mëttelwee fonnt.

D'Zentralbank ënnersträicht ënner anere och, dass de Stat indirekt iwwert d'Cotisatiounen 3,5 Milliounen méi Recettë wäert erakréien duerch dës Augmentatioun vum Mindestloun.

Nach am Domän vun der sozialer Kohäsion a vun der Gerechtegheet sinn ech frou, dass allequerten d'Akteuren d'Baisse vun der TVA op den Hygiënesproduiten op 3 % begréisst hunn.

Zum Thema Kompetitivitéit: Op den 1. Januar 2019 geet d'Kierperschaftssteuer fir d'Entreprisë vun 18 % op 17 % erof. Dat steet an dësem Budgetsprojéit. Gläichzäitig geet de Montant, wou de reduzierten Taux vu 15 % spilt, erop vu 25.000 Euro op 175.000 Euro. Ech freeë mech, dass och d'Chambre des Salariés dës zweef Mesure begréisst, well se natierlech gutt ass fir d'Start-uppen a fir d'PMEn.

Wat d'Baisse vun der Kierperschaftssteuer ubelaangt, huet d'Chambre de Commerce gesot, dass dat zwar géif an déi richteg Richtung goen, dass et awer net géif duergoen an dass aner Mesurë misste geholl ginn. A si proposéiert der zwou, an zwar d'Ofschaf vum Impôt sur la fortune an d'Ofschaf vum Retenue à la source op den Dividenden. Déi zwou Mesurë géife ronn eng Milliard Euro kaschten oder eng Milliard Euro Déchet fiscal duerstellen.

Et muss een der Chambre de Commerce gutt-halen, dass si eng Rei Mesurë proposéiert, fir dësen Ausfall ze kompenséieren. Ech zitieren der e puer: Zum Beispill, dass ee misst bei der Halschent vun de Leit, déi beim Stat schaffen, den 13. Mount sträichen oder bei den 165.000 Pensionéierten d'Allocation de fin d'année kieren. Dat ass net eng Politik, déi dës Regierung géif maachen! Als Finanzminister akzeptéieren ech net, dass déi eng géint déi aner ausgespillt ginn, dass d'Stëit géife méi belascht ginn, fir dass d'Entreprisë kéinte méi entlaascht ginn.

Ech wäert och an Zukunft derfir surgen, dass jiddweree säi faire Bäitrag dréit, a wann Entlaaschtungen kommen, dass se gerecht verdeelt ginn tëschent de Personnes physiques an den Entreprises.

Zum Thema Kompetitivitéit e Wuert: Digitalisatioun. Do begrëssen ech ausdrécklech déi vill Virschléi, déi de Rapporteur presentéiert huet an op déi ech och wäert am Laf vun der Legislaturperiod agoen, well dat ass eng absolutt Prioritéit. Net nëmmen d'Digitalisatioun vun der Finanzplaz, wou et natierlech ganz flagrant ass, mä op der ganzer Ekonomie. Ech kann lech soen, ech war virun zwou Wochen zu San Francisco an de Silicon Valley an e bësse virdrun och an Israel, an ech konnt feststellen, dass mer zu Lëtzebuerg gutt preparéiert sinn an um richtige Wee sinn, wat d'FinTechen ubelaangt, an dass mer do a verschiddenen Domäne Virreider sinn. Mir kënnen natierlech op Plaze wéi San Francisco an an Israel villes léieren, ënner anere an der Cybersécurité, a mir wäerten dat natierlech gutt kucken.

Esou wéi d'Cofibu dat an hirem Rapport freet, wäert ech dann dee Sujet, wéi gesot, mat lech déi nächste Jore beschwätzen. An ech hunn och den Haut comité de la place financière an

d'Luxembourg House of FinTech agespaant, scho méi laang, fir op deene Sujete mat der Regierung ze schaffen.

De Rapport huet de grouse Meritt ze weisen, dass den Defi vun der Digitalisatioun net nëmmen een ass fir d'Wirtschaft, mä fir eis ganz Gesellschaft. An ech mengen, dass mer do zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn, fir eis Chancen do auszunutzen, an dass d'Weihe richtig gestallt sinn.

En drëtten Punkt vun der Kompetitivitéit, an ech hunn en express ënnert den Titel gesat, ass d'Personalpolitik beim Stat. Zu enger kompetitiver Wirtschaft gehéiert och eng performant Fonction publique. Wann d'Populatioun vun engem Land wüsst, da muss een och eng Fonction publique hunn, déi wüsst, fir dass een uerdentlech Servicer kann ubidden.

Wann ee méi Kanner an der Schoul huet, da brauch een och méi Léierpersonal. Wann ee méi Awunner huet, da brauch een och méi Polizisten. Ech hunn nach ni ee begéint, e Bierger do bausse begéint, dee mer gesot hätt, dass mer Schoule missten hu mat mander Professeuren oder Klassenäll ouni Professeuren, oder nach ni Leit begéint, déi mengen, mir bräichte mander Polizisten.

Wann ech elo d'Beispill vum Finanzministère huelen, ech mengen, dass dat mäi Propos hei gutt illustréiert. Dëse Moment verhandele mer zu Bréissel net mander wéi 20 Direktiven am Domän vun de Services financiers. Fir dat kënnen ze suiveren a proaktiv ze beaflossen, hunn ech an deene leschte fënnf Joer schonn de Personalbestand vum Finanzministère gestärkt. Deen ass ëm een Drëttel eropgaangen, vu 54 op 72. Mä Dir wäert jo all remarkéieren: 72 ass nach ëmmer eng ganz kleng Ziffer fir de Finanzministère vun engem Land, wat esou eng grouss Finanzplaz huet wéi Lëtzebuerg.

Trotzdem liesen ech a verschiddenen Avisen, dass d'Personalkäschte beim Stat ze séier wuessen. Ech wëllt awer dann d'Personalkäschte beim Stat an den internationale Kontext setzen. D'Fonction publique zu Lëtzebuerg wüsst mander séier wéi d'Populatioun. Eis Fonction publique, wann een déi vergläicht mat deene vun anere Länner an der OCDE, kascht 12 %, während d'Moyenne an der OCDE bei 18 % läit. An am europäesche Verglach sinn och d'Fonctionnementskäschte vum Stat zu Lëtzebuerg mat déi niddregst.

An awer fuerdert d'Chambre de Commerce, just d'Halschent vun deene Leit anzustellen, déi fir dëst Joer virgesi sinn. Mir wäerten natierlech bei eiser Propos bleiwen.

An ech wëll awer kuerz erklären, dass bei deenen Augmentatiounen, déi mer hunn, zwee Drëttel dovu virgesi si fir den Enseignement an den Encadrement vu Kanner am educativen a psychosoziale Beräich, wou mer ganz vill Besoinen hunn. Wann een op der falscher Plaz géif spueren, da muss een dat duerno deier bezuelen. De Budget vun Ministère de l'Éducation geet dofir am Joer 2019 fir d'Éischt iwwer 2,5 Milliarden Euro erop. Dat si gutt investéiert Suen! D'Kanner an d'Jugendlecher sinn d'Zukunft vu muer an d'Zukunft vun eisem Land.

Just een Drëttel oder 325 Poste si fir all déi aner Servicer vum Stat an déi 24 Ministère virgesinn. Dat schéngt mer also eng ganz verstänneg Zuel.

Drëtten Punkt: Nohaltegheet. Och do hu mer steierlech Mesurë virgesinn. Do ginn der eng Rëtsch vun allen Avisen begréisst, an zwar déi, dass mer elo op den digitale Publikatiounen 3 % virgesinn. Dofir hate mer eis an Europa geschlossen an dee Match hu mer an der Tëschenzäit gewonnen. Mir hunn och e reduzierten Taux vun 8 % op biologesche phytosanitäre Produiten am Sënn vun enger nohalteger Landwirtschaft virgesinn. Och dat gëtt iwwerall begréisst.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Dat, wat méi kritesch beuerteelt gëtt, ass d'Hausse vun den Akzisen op de Pétrolsproduiten, an zwar 1 Cent de Liter um Bensinn an 2 Cent de Liter um Diesel. Fir déi eng geet dat ze wäit, fir déi aner geet dat net wäit genuch. Ech wëll do ganz kloer drop hiweisen, a wellechem Kontext mer déi Saachen do maachen. An de Kontext ass e ganz klore: dee vum Klimawandel. Erënnere mer eis un déi Dausende Jugendlecher, déi zu Lëtzebuerg an duerch ganz Europa op d'Strooss gaange sinn, fir op d'Defie vum Klima hinzeweisen. Mir kënnen d'Hänn do net an de Schouss leeën. Lëtzebuerg muss seng Ziler anhalen a Lëtzebuerg muss seng Engagementer, déi et international geholl huet, anhalen. Dozou gehéiert natierlech och de Fait, dass mer de Verbrauch vun de Pétrolsproduiten net weider sollen encouragéieren.

D'Mesure ass dofir och ze kucken am Kontext vun all deenen anere Mesuren, déi mer am Ka-

der vum Budget geholl hunn: d'Primme fir Elektroautoen, d'Opriichte vu Borne fir dës Autoen, e besseren öffentliche Transport an Investissementen an erneierbar Energien.

„Héich Investissementen“, d'Wierder si gefall. Mir wäerten dat konsequent weiderféieren, esou wéi mer dat déi lescht fënnf Joer gemaach hunn. D'Investissementen wäerten op der ganzer Period bis 2023 iwwer 2,5 Milliarde pro Joer leien a sinn dobäi dann och iwwer 4 % vum PIB.

Verschiddener, an ënner anere d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, fannen, dass dat nach net duergeet, dass dat just géif duergoen, fir de Retard opzehuelen. Aneerer fannen och, dass misst méi investéiert ginn. D'Zentralbank weist drop hin, dass virun allem am Wunnengsbau, an den Infrastrukturen an am Klimaschutz soll méi investéiert ginn. An ech kann deem nëmmen zoustëmmen. De Budget vum Wunnengsbauministère geet 6,8 % erop. De Ministère fir d'Mobilitéit an öffentliche Aarbechte geet fir d'Éischt iwwer zwou Milliarden ewech. D'Regierung investéiert, fir d'Offer am öffentlichen Transport ze verbessern, ier en dann d'nächst Joer gratis gëtt. D'Gratuitéit geet jo awer en parallèle da mat méi Investissementen.

Wann een all d'Investissementen am Beräich vun der Émwelt a vum Klima kuckt, dann heescht dat, dass mer fir d'Joer 2018 455 Milliounen dofir investéieren. An dat si ronn 20 %. Deen Taux wäert regelméisseg eropgoe bis op 23,3 % zum Schluss vun der Période d'analyse.

Ech hu Verständnis fir déi, déi froen, dass een nach méi misst investéieren, mä Dir verstitt jo, dass ech als Finanzminister muss Fouss bei Mol halen an dass mer awer mussen e gewëssenen Equilibre am Budget hunn. An dat bréngt mech dann op d'Vue d'ensemble, den drëtten Chapitre vu menger Ried.

D'Depensé fir 2019 wäerten 19,6 Milliarden Euro an der Administration centrale duerstellen. Dat ass eng Progressioun vu 5,8 %. Iwwert déi nächst Joren ass de Rhythmus méi lues: 2020 klammen d'Depensé 4,7 %, dat Joer duerno 5,6 % an 2022 nëmmen 3,3 %.

Wéi gesäit et mat de Recetten aus? 18,9 Milliarden an der Administration centrale am Joer 2019, dat heescht, eng Hausse vun 1,6 % par rapport zum leschte Joer. Déi Joren duerno wäerten d'Recetten awer méi héich leie wéi d'Depensen, wat den Taux ubelaangt, an zwar bei 5,6 % 2020, 5,9 % 2021, 5,5 % 2022.

Firwat hu mer d'Recettë fir 2019 relativ virsiichteg ugesat? Ech muss do e bëssen zrëckkucken.

An de Joren 2014, 2015 an 2016 hu mer bei de Recetten all Kiéiers bei der Planung eng Punktlandung gemaach. 2017 an 2018 par contre waren d'Recetten däitlech méi héich wéi virgesinn. Dat kann awer net eng nei Normalitéit ginn.

Mir rechnen dofir am Joer 2019 mat Recetten, déi zwar nach ëmmer licht iwwert dem Niveau vun 2018 leien, mä iwwert d'ganz Joer gekuckt net massiv no uewe ginn. Op Basis vun den éischte provisoireschen Zuele vum éischten Trimester 2019 kann ech lech elo scho soen, dass ech awer zouversichtlech sinn, dass mer d'Previsiounen vum Budget a Saache Recettë wahrscheinlech iwwertreffe wäerten.

Wat de Sold ubelaangt, d'Administration centrale: D'Konsequenz vun deem, wat ech elo grad erkläert hunn, ass, dass d'Depensé méi séier wuesse wéi d'Recetten an dass mer also do en negative Schiéereffekt hunn, deen awer nëmmen temporär ass, wéi ech virdrun erkläert hunn. D'Resultat ass, dass mer dann en Defizit vu 650 Milliounen Euro wäerten am Zentralstat hunn.

Ech wëll dat awer och an e Kontext setzen, dass, wéi gesot, wann d'Recetten awer méi dynamesch géife sech entwéckelen, deen Defizit e gutt Stéck méi kleng kéint ginn. Esou ass et och schonn 2018 gaangen. Deemools hate mer en Defizit vu minus 890 Milliounen Euro virgesinn a mir si gelant bei engem Surplus vun 121 Milliounen Euro; dat éischt positivt Resultat säit zéng Joer bei der Administration centrale.

Vun 2020 u wäert den Defizit weider progressiv erofgoen an 2022 leie mer da ganz no beim Equilibre.

Et wär méiglech gewiescht, fir déi ganz Legislaturperiod a besonnesch fir 2019 e verschéinert Bild ze weisen an en equilibréierte Budget ze presentéieren. D'Regierung huet awer de Choix gemaach, sech plutôt virsiichteg Projéktiounen hinzeginn, d'Investissementen héich ze halen an och am soziale Beräich Verbesserungen ze maachen.

Wat fir e Bild gëtt dat an der Administration publique? An der Administration publique komme bei d'Administration centrale nach

d'Gemegefinanzen derbäi an d'Sécurité sociale. An d'Administration publique bleibt an der ganzer Legislaturperiod positiv.

Eurostat huet gëschter eng Statistik erausbruecht, déi gewisen huet, dass Lëtzebuerg 2018 deen héchsten Iwwerschoss vun der ganzer Europäescher Unioen hätt. Dësen Iwwerschoss läit dann 2019 bei 632 Milliounen oder 1 % vum PIB a geet da progressiv erop op 1,6 Milliarden oder 2,2 % vum PIB am Joer 2023. Dat ënnersträicht, dass eis Statsfinanzen an hirem Ensembl zolidd sinn.

Wat sinn dann d'Konsequenzen dovun op der Statsschold?

D'Statsschold, esou wéi se am Budget plurianuel an am Pacte de stabilité et de croissance berechent gëtt, ass dat mechanesch Resultat vum Sold vun der Administration centrale. Wann d'Administration centrale e positive Sold huet, jo, da geet d'Schold erof, a wa se en negative Sold huet, da geet d'Schold erop.

Vu dass mer 2018 awer elo en Iwwerschoss hatten, ass d'Schold 2018 an absolutten Termen erofgaangen. Mä méi wichteg ass d'Schold par rapport zum Räichtum. A wéi ech als Finanzminister 2013 ugetruede sinn, louch d'Statsschold bei 23,7 % vum PIB. 2018 läit se elo bei 21,4 %, 2019 wäert se bei 20,2 % leien a bis 2022 op 18,4 % erofgoen. Eis Statsschold geet par rapport zum Räichtum konsequent erof. Si läit och ëmmer däitlech ënnert der Limitt vun den 30 %, déi sech d'Regierung selwer ginn huet a wat jo méi eng streng ass wéi déi, déi d'Europäescher Unioen virgeschriwwen huet. De Conseil d'État begréisst dat ausdrécklech.

An an Zäite vun niddregen Zësen an an Zäiten, wou Lëtzebuerg nach ëmmer e konsolidéierten a staarken Triple-A huet, ass et och besser, sech weider ze refinanzéieren zu engem bëllegen Taux, wéi wëllen d'Schold mordicus erofzedrécken. D'Zënslaascht op de Scholde geet och konsequent erof a wäert och 2019 ënnert deem vun 2018 leien.

Ronn d'Halschent vun den eelef Milliarden Schold, déi d'Regierung 2013 geierft huet, muss am Laf vun dëser Legislaturperiod refinanzéiert ginn. An ech soen der Cofibu Merci fir de Vorschlag, iwwer gréng Obligatiounen nozedenken. Mir sinn amgaangen, dat ze maachen.

Zum Ofschluss: Mir respektéieren d'europäesch Kritären, wéi gewosst. Déi europäesch Kritäre sinn do, fir laangfristeg d'Gesondheet vun de Finanzen ze sécheren. A fir dat ze moossen, muss een den Objectif à moyen terme respektéieren. Den Objectif à moyen terme, dee gëtt dann ëmgesat an de Solde structurel vun engem Land. De Solde structurel rechent och d'Effekter vum konjunkturellen Zyklus mat an an och déi exceptionnell Evenementer.

Den Objectif à moyen terme gëtt all dräi Joer nei fixéiert. Fir d'Joer 2019 ass deen Taux minus 0,5 % vum PIB. A vum nächste Joer un, fir eng Period vun dräi Joer, klëmmt en dann op plus 0,5 % vum PIB.

D'Regierung huet deen neien Taux ugeholl fir déi nächst dräi Joer, deen also dann elo am Pacte de stabilité et de croissance ageschriwwen ass. A si mécht dat äänlech wéi déi viregt Regierungen alleguerten, déi d'Proposition oder d'Rechnung vun der Kommission a Betrecht zéien, fir sech deen Objektiv ze fixéieren.

Tatsaach ass, dass de Solde structurel iwwert déi nächst Joren net nëmmen iwwert dem Objectif à moyen terme läit, mä ganz kloer driwwer wäert leien a sech op der ganzer Periode verbessere wäert. 2019 leie mer bei 0,9 %, plus 0,9 % natierlech. An 2023 wäert mer bei plus 2,2 %.

Wéi schonn déi lescht Jore léisst sech d'Regierung och e gewëssene Sputt oder eng Marge de manœuvre, fir sécher ze sinn, dass mer à tout moment dësen Objectif à moyen terme respektéieren. Souwuel de Conseil d'État wéi de Conseil national des finances publiques confirméieren, dass Lëtzebuerg alleguerten d'europäesch Kritären anhält. D'Regierung gesäit dat och esou. An d'Europäesch Kommission, déi rezent hiren Avis iwwer eise Budget ofginn huet, gesäit dat och esou: « Le Luxembourg présente une situation budgétaire saine qui respecte le volet préventif du pacte de stabilité et de croissance et [la Commission] invite les autorités à exécuter le budget. »

Deem hunn ech net vill bäizefügen. D'Kommission confirméiert dat, wat ech lech am März gesot hat. D'Weihe fir Lëtzebuerg a fir de Budget si richtig gestallt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Henri Kox, Président de séance.** - Merci. Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister.